PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 15/09/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Mobilitéit & Finanzen weiderzeleeden.

An engem Artikel vu *reporter.lu* vum 12te September geet et ëm d'Madamm Wickler, déi wärend der Coronapandemie duerch d'Verbreede vu Verschwierungstheorien opgefall war an 2021 vun der Regierung an de Verwaltungsrot vu Cargolux genannt gouf, mat der Begrënnung, dass d'Madamm Wickler eng "dynamesch Geschäftsfra" wier mat enger „wirtschaftlecher Erfarung, déi extrem grouss ass“. Wéi *reporter.lu* beriicht, steet d'Madamm opgrond vu angeeblech suspekte Geschäftspraktike viru Gericht.

An deem Zesummenhang wéilte mir de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wosst de Minister Bausch zum Zäitpunkt vun der Nominatioun vun der Madamm Wickler fir de Poste bei der Cargolux vun deem Geriichtsprozess?
2. Wann net, firwat gouf keng *Due Diligence* virun der Nominatioun gemaach?
3. En vue vun dësen Informatiounen, hält de Minister un senger deemoleger Evaluatioun vun der Madamm Wickler fest?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven — Député

GOERGEN Marc — Député